



8. 5894 - Projet de loi portant modification de l'article 545 du Code civil

Rapport de la Commission juridique

» M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi Der am Intitulé vun deem Projet kënnst liesen, geet et drëm, fir den Artikel 545 vum Code civil ofzeänneren. Deen Artikel gesäit vir, dass keng Persoun kann enteegent ginn, wann net déi Entee-gnung am Intérêt vum öffentlechen Notzen ass an ënnert der Bedéngung, dass deen, deen enteegent gëtt, eng gerecht a préa-label Indemnitéit kritt. Sënngemeiss seet den Artikel 545 vum Code civil datselwecht wéi den Artikel 16 vun der Verfassung.

Or, den Artikel 16 vun der Verfassung ass duerch d'Gesetz vum 24. Oktober 2007 ofgeännert ginn, no deenen zwee Votë vum 3. Juli an 10. Oktober vun der Chamber, esou wéi d'Verfassung dat virgesäit. An am Artikel 16 vun der Verfassung ass bei der Qualifikatioun vun der Indemnitéit den Aus-drock „préalable“ gestrach ginn.

D'Verfassung ass nun awer eng Norm, déi iwwert de Gesetzer steet, esou dass e Gesetz, wat net vereinbar ass mat dem Text vun der Verfassung, eigentlech géint d'Ver-fassung verstéisst. Duerfir ass et logesch, dass, wann een d'Verfassung ännert, een e Gesetz, wat datselwecht ausdréckt, och muss ofänneren, fir dass et mat der Ver-fassung vereinbar ass.

Aus där Ursaach huet den zoustännegé Justizminister am Juni vun dësem Joer e Projet de loi eraginn, deen am Artikel 45 vum Code civil virgesäit, och do den Term „préalable“ bei der Indemnitéit ze sträichen, esou wéi mer dat scho beim Artikel 16 vun der Verfassung gemaach hunn am Joer 2007.

Selbstverständlech huet zu deem klengen Text hei de Conseil d'État säin Accord ginn. D'Commission juridique ass och mat deem Text d'accord, an ech géif d'Chamber bidden, och hir Zoustëmmung zu där doter Ofännerung ze ginn.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Meyers. Den Här Henckes huet d'Wuert.

(Brouhaha général)

» Une voix.- Très bien.

Discussion générale

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, als ADR wäerte mir dëst Gesetz net stëmmen.

Woufir? Well mer verlaangt hate vun der Regierung, scho bei den Debatte bei der Constitutiounsännerung, dass mer déi Gesetzgebung iwwert d'Expropriatioun sollte moderniséieren, méi demokratesch maachen an d'Prozeduren accélérieren, wat d'Indemnisation ugeet. D'Regierung ass net bereet, op dee Wee do ze goen, esou dass hei d'Rechter vun de Bierger net garantéiert sinn. Duerfir hu mir deemools an zweeter Liesung géint den Text gestëmmt. Duerfir muss mer och a wäerte mer och an darselwechter Logik géint dësen Text stëmmen.

» M. le Président.- Voilà, domat ass dat kloer. Den Här Minister Wiseler huet d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.- Ech wëll just dozou soen, dass, wéi mer d'Constitioun geännert hunn, d'Regierung sech engagéiert hat, fir en Debriefing ze maachen, dann, wann eng Rei Prozeduren ofgelaf sinn, fir ze kucken, ob mer am Gesetz nach aner Ännerunge misste maachen.

Vu dass mer awer einstweilen nach keen neit Expropriatiounsuerdeel hunn, ass et selbst-verständlech onméiglech, dovunner elo en Debriefing ze maachen. Wann der zwee oder dräi gemaach sinn, ass et evident, dass mer dann nach eng Kéier iwwert den Text kucken.

Ech deelen awer net d'Meenung, dass, wéi den Här Henckes gesot huet, d'Leit hei mat dësem Text Problemer hätten. Au contraire, mir hunn hei eng ofgesécher't Prozedur, déi d'Rechter vun de Leit respektéiert.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zum Vote vum Projet 5894.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5894 ass ugehall mat 54 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen an 1 Ab-stentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Deen nächste Projet, dee mer zur Dis-kussioun hunn a vun deem den honora-belen Här Santer Rapporteur ass, ass deen iwwert de Beruff vum Affekot. Här Santer, Dir hutt d'Wuert.



9. 5770 - Projet de loi transposant, pour la profession d'avocat, les dispositions de la Directive 2005/36/CE du Parlement européen et du Conseil du 7 septembre 2005 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles et de la Directive 2006/100/CE du Conseil du 20 novembre 2006 portant adaptation de certaines directives dans le domaine de la libre circulation des personnes, en raison de l'adhésion de la Bulgarie et de la Roumanie, et modifiant: 1. la loi du 10 août 1991 déterminant, pour la profession d'avocat, le système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; 2. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 3. la loi modifiée du 13 novembre 2002 portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un État membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant: 1. modification de la loi modifiée

du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés; 3. la loi modifiée du 29 avril 1980 réglant l'activité en prestations de service, au Grand-duché de Luxembourg, des avocats habilités à exercer leurs activités dans un autre État membre des Communautés européennes

Rapport de la Commission juridique

» M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 5770 setze mer zwou europäesch Direktiven ëm, déi sech mat der berufflecher Qualifikatioun vun den Affekoten an der Europäescher Unioun ofginn.

Et gëtt véier Méiglechkeeten, fir hei am Land enger Aktivitéit vun engem Affekot nozegoen. Dräi dovunner hu mat der Nidderloossung vun enger Persoun als Affekot ze dinn, déi véiert mat der zäit-weileger Ausübung vun deem Beruff zu Lëtzebuerg. Déi véiert Méiglechkeet erlaabt et engem Affekot aus engem anere Memberstat, op Lëtzebuerg eng Affär plädéieren ze kommen.

Dës Aktivitéit, déi an engem Gesetz vum 29. Abrëll 1980 geregelt ass, gëtt op zwee Punkte geännert. Zum enge sinn och d'Affekoten aus Bulgarien a Rumänien nom Bättrëtt vun deene Länner an d'Europäesch Unioun elo mat beträff. Zum anere muss esou en Affekot zesumme mat engem Lëtzebuenger Affekot viru Geriicht optrieden nëmmen an deenen Affären, wou eist Gesetz d'Verriedung duerch en Affekot erfuerdert. An anere Wierder, an deenen Affären, wou eng Partei selwer ka kloen oder sech verdeedegen, ouni duerch en Affekot verrieden ze sinn, zum Beispill um Friddensgeriicht oder um Handelsgeriicht oder an de Stofaffären. An deenen Affären also kann en Affekot aus engem anere Memberstat eleng ouni Zesummenaarbecht mat engem Lëtzebuenger Affekot optrieden. Hei setze mer eng Jurisprudenz um euro-päeschen an um nationalen Niveau ëm.

Bei deenen dräi anere Méiglechkeeten dréint et sech ëm d'Recht, fir sech zu Lëtze-buerg als Affekot niddierzeloossen. Fir d'éischt kann eng Persoun, déi Droit studéiert huet, de Barreauséxame maachen. Da kënnst hien op d'Lëscht 2 vum Tableau. No der Stageperiod vun zwee Joer kënnst hien dann nom Avouéséxamen oder Examen de fin de stage judiciaire op d'Lëscht 1.

Eng zweet Méiglechkeet ass, dass en Affekot aus engem anere Memberstat op d'Lëscht 4 kann ageschriwwen ginn. Während enger Zäit muss hien dann awer als Avocat euro-péen, dat heescht ënner sengem Titel, deen hien a sengem Heemechtsland krut, zum Beispill Rechtsanwält oder Solicitor, hei zu Lëtzebuerg schaffen, kann awer no zwee Joer op d'Lëscht 1 kommen, da gëtt hien och Avocat à la cour.

Schlussendlech kann awer och en Affekot, deen net op déi Lëscht 4 als Avocat eu-ropéen ageschriwwen wëllt ginn, och en Exame maachen, deen dem Avouéséxame gläicht, awer mat manner Fächer. Da kënnst hien direkt, wann hien deen Exame gepackt huet, op d'Lëscht 1 vum Tableau. Et ass ëm dës lescht Méiglechkeet, wou et an dësem Projet de loi haaptsächlech geet. Et geet hei ëm d'Unerkennung vun der berufflecher Ausbildung an Erfahrung, déi een a sengem Ursprongsland gesammelt huet.

D'Direktiv, déi mer hei ëmsetzen, geet vum folgende Prinzip aus: Wann eng Persoun an engem Land zu engem Beruff zougelooss gouf, da soll déi och an engem anere Memberstat zougelooss ginn zu deene-selwechte Bedéngunge wéi d'Awunner vun deem Memberstat.

Et kann en zousätzlechen Exame gefuerdert ginn, awer nëmmen, wann d'Studienzäit ee Joer mindestens méi kuerz ass wéi déi, déi

mer zu Lëtzebuerg hunn, oder wann d'Aus-bildung ëm ganz aner Matière wéi déi, déi hei zu Lëtzebuerg erfuerdert sinn, ge-handelt huet.

De Projet de loi dréit dësem Prinzip Rechnung. Et ginn zwar keng grondleeënd Ännerungen zum heitege System gemaach. Et geet besonnesch ëm d'Matièren, déi musse geléiert ginn, fir Avocat à la cour zu Lëtzebuerg ze sinn. Dat heescht: Zivil- a Stofrecht, Handelsrecht, zivilrechtlech a stofrechtlech Prozeduren, Verwaltungs-recht an Deontologie.

Par rapport zu dëse Matière gëllt et, d'Zäit vun de Studien an engem anere Land a be-rufflech Erfahrungen an deem Land no der Equivalenz ze präiwen. Dat ass d'Aufgab vun enger Kommissioun vu fënnef Leit, déi aus engem héijere Beamte vum Justiz-ministère, engem Riichter, engem Notär, engem Verrieder vum Parquet an engem Affekot besteet. Dës Kommissioun ënner-sicht déi berufflech Erfahrung an d'Studien-dauer a gëtt dem Justizminister en Avis, an de Justizminister huet also duerno ze déci-déieren, wat fir eng Fächer deen De-mandeur muss nach nomaachen.

Et muss een awer nach ënnersträichen, dass an deene Fächer, déi mussen nogemaach ginn, eng «insuffisance caractérisant une différence substantielle» muss nogewise ginn. Dat heescht, et sinn net all Fächer beträff, wa se net alleguerten equivalent sinn. Et si just déi Fächer, wou wierklech eng grondleeënd fundamental Differenz ass zu deene Fächer, déi een hei muss hunn, fir Avocat à la cour ze ginn.

Schlussendlech gëtt d'Affekotegesetz vum 1991 dohigehend geännert, dass et deene leschten Ännerunge vum Accord iwwert den europäesche Wirtschaftsraum uge-passt gëtt. Besonnesch sinn hei beträff Affekoten aus der Schwäiz, Norwegen, Lichtenstein an aus Island.

Här President, de virleiende Projet hu mer an der Commission juridique duerchdis-kutéiert. Mir hunn de Rapport och unanime ugehall. D'CSV wäert dëse Projet och stëmmen.

Ech wëll awer just nach eng Kéier soen, de Projet de loi, dee mer haut wäerte stëmmen, ass net dee wichtigste Projet de loi iwwert d'Affekotegesetz. Et gëtt nach en anere Projet de loi, de 5660 a besonnesch de 5660b. Deen dréint ëm d'Gesellschaften oder d'Ausübung vum Affekoteberuff a Form vu Gesellschaften. Dorunner schaffe mer nach, an dee wäert och kommen, ech hoffen, mat darselwechter Unanimitéit wéi bei dësem.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rap-porteur. Wa kee méi d'Wuert freet zu dësem Projet, da soen ech dem Rapporteur an eisem Numm Merci, a mir kéimen zum Vote vum Projet, ausgehend dovun, dass d'Regierung selbstverständlech och domat d'accord ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5770 ass eestëmmeg ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marc Spautz), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri (par M. Romain Schneider),

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung

live an integral

mat enger Rediffusioun

all Sëtzungsdag

vun 19:00 Auer un



Jos Scheuer (par Mme Claudia Dall'Agnol), Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dann hu mer als nächste Projet en Ofkommen mat der Schwäiz géint d'Fraude. Den honorabelen Här Mosar ass heivun de Rapporteur. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

## 10. 5745 - Projet de loi portant approbation de l'accord de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Confédération suisse, d'autre part, pour lutter contre la fraude et toute autre activité illégale portant atteinte à leurs intérêts financiers

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, deen ech lech de Mëtteg de Pléséier hu virzestellen, besteet dodran, de Kooperatiounsaccord tëschent der Europäescher Communautéit, hire Memberstaten, an der Schwäiz, deen hei zu Lëtzebuerg de 26. Oktober 2004 ënnerschriww ginn ass, ze approvëieren. Dësen Accord iwwert de Kampf géint d'Fraude schreift sech an eng zweet Serie vu bilateralen Accorden an, déi tëschent der Europäescher Unioun an der Schwäiz ofgeschloss gi sinn. Eng éischt Serie vun Accorden ass den 1. Juni 2002 a Kraaft getrueden.

Ëm wat geet et an deenen Accorden? Fir d'alleréischtm òm d'libre Circulation, d'terrestreschen Transporter, d'Flugtransporter, d'Agrikultur, d'Recherche, an all déi technesch Obstaclen zum Commerce an den öffentlechen Ausschreiwungen. Deen Accord, dee mer haut sollen ëmsetzen, huet haaptsächlech fënnef Objektiver. Éischstens, e kloere Kader fir d'Repressioun vun der Fraude tëschent der Schwäiz an engem État membre ze schafen. Zweetens, op eng méiglechst effikass Manéier géint d'Fraude an all aneren Aktivitéite géint d'Finanzinteresse vun alle concernéierte Länner virzegoen. Drëttens, déi administrativ Assistance an deene verschiddene virgeschriwwenen Domänen ze verstärken. Véiertens, d'Entraide judiciaire op eng ganz Rei vu Frauden auszedeennen, ganz besonnesch am Schmuggel an an der Evasioun vun den indirekte Steieren. Fënneftens, a schlussendlech nach eng Kéier, d'Wichtigkeet vum Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen unzegoen.

Här President, ech wëll elo net méi hei op den Detail vun allen Dispositiounen vun deem Accord agoen. All déi, déi Loscht hunn, sech méi intensiv mat deem Projet ze befaassen, kënnen dat a mengem schrëftleche Rapport respektiv am Exposé des motifs vum Regierungsprojet maachen.

An all deem ass den Objektiv, de Kampf géint all illegal Aktivitéiten am Finanzberäich, dee sech op de Fändel geschriww ginn ass an deen och eng ganz Rei vu signifikative Progrèsë beinhaltet an enger Rei vu Beräicher, wéi zum Beispill d'Kooperatioun an der indirekter Besteuerung, d'Ausdehnung vum Uwendungsberäich vun der Entraide judiciaire, dann d'Méiglechkeet, direkt Demanden tëschent de Justizautoritéite vun deene verschiddene Länner auszetauschen, a schlussendlech d'Unerkennung vum Prinzip vum Respekt vun der Autoritéit, déi déi Demande kritt, fir och d'Prozedurregelen an d'Délaien, wéi se vun deem Land gefrot ginn, dat d'Demande mécht. Schlussendlech, d'Limitatioun vun der Kontroll vun der duebeler Incriminatioun, an d'Obligatioun vun der Koope-

ratioun am Kontext vun de Bank- a Finanzinformatiounen.

Ech wëll awer direkt hei betounen, dass dësen Accord keen Afloss op d'Bankgeheimnis huet, well et jo hei nëmmen ëm den Austausch vun Informatiounen an den indirekte Steiere geet. De Projet de loi huet e positiven Avis vum Statsrot kritt, an ech géif lech dann och bieden, Är Zoustëmmung zu deem Projet ze ginn. A fir mam gudde Beispill virzegoen, bréngen ech hei den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech gesinn, dass och all déi aner Fraktiounen mat den Ausféierunge vum Rapporteur d'accord sinn. Dann ass dat esou, an da stëmme mer och iwwert dëse Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5745 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Jos Scheuer (par M. Jean-Pierre Klein), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zum nächste Projet, dat ass de Projet de loi iwwert d'Eegeressourcë vun der Europäescher Gemeinschaft. De Rapporteur ass hei den honorabelen Här Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

## 11. 5815 - Projet de loi portant approbation de la décision 2007/436/CE, Euratom du Conseil du 7 juin 2007 relative au système des ressources propres des Communautés européennes

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, an deene leschte Woche schwamme mir an deem Haus nëmmen esou an de Milliarden an den Nullen. Milliarden Euro am Budget fir dat anert Joer, a Milliarden Euro fir eis systemesch Banken, an domat d'Aarbechtsplazen an d'Erspuernisser vun dausende vu Lëtzebuerger an Auslänner ze retten. Do rappt et dach kaum nach ee vum Stull, wann et elo drëm geet, deenen 864 Milliarden Euro de Segen ze ginn, déi d'Europäesch Unioun an der Zäit vun 2007, also mir si schonn amgaang, bis 2013 ausgi soll, an déi, wann och net gläichméisseg, vun alle 27 Memberstaten opzebréngen sinn.

Dee Montant ass d'Resultat vu méintelaangem Gefocks tëschent den EU-Memberen, déi sech dann am Dezember d'viregt

Joer eens gi sinn, wéi vill si der Bréisseler Kommissioun zougestinn, fir hire Verflchtungen nozekommen. Bal d'Halschent vun deenen nobäi 900 Milliarde gi fir d'Agrarpolitik drop, ronn 45% d'lescht Joer, a gutt en Drëttel fir déi sougenannt Kohesioun, also d'Transferten tëschent deene besser gestallten an deene manner verwintten EU-Staten. Fir sech selwer a fir hire Fonctionnement brauchen déi europäesch Administratiounen ronn 7% vun deem Milliardepak.

Wat mir haut hei ze maachen hunn, huet awer manner mat den Dépensë vun der EU ze dinn, wéi mat de Recetten, mat deenen déi Dépensen ofgedeckt solle ginn. Deen Dossier heescht „ressources propres“ an hält fest, iwwer wéi eng Mëttel d'EU-Zentral verfüge kann, fir hiren Engagementer nozekommen. Engagementer, déi, wuelgemierkt, vun deeneselwechte Staten décidéiert ginn, déi och dofir ze blechen hunn.

Déi grouss Prinzipië fir d'Opbréngung vun den Eegemëttele vun der Unioun goufe schonn 1970 festgehalen a gëllen, mat e puer Korrekturen, nach haut. An den 80er Jore war et nawell héich hiergaangen, well den englesche Premier, déi redoutabel Madame Thatcher, fonnt huet, hiert Land misst ze vill bezuelen, a sech net ginn huet, bis si eng Extrawurscht - a Form vun engem Rabatt - gebrode krut, un där haut nach geknat gëtt.

Wéi gëtt elo dee Siwejoresbudget gefiddert? De Prinzip Nummer eent vun der EU-Finanzéierung hält fest, dass den Europabudget ausschliesslech aus de Resources propres ze speisen ass. Den zweete Prinzip seet, dass déi Ressourcen aus dräi verschiddene Quelle kommen: déi traditionell Importtaxen, ënner anerem op Agrarprodukter, dann en Undeel un den TVA-Recetten, a schliesslech e Prozentsaz um nationale Bruttoakomes, dem RNB vun de Memberlänner.

Prinzip dräi seet, dass d'Bäiträg vun deenen eenzelne Memberlänner net däerfen iwwer 1,4% vun hirem jeeweilege Bruttoakomes erausgoen. Un all deem ännert déi EU-Décisioun, déi mer haut sollen an eis national Législatioun ëmsetzen, näischt. Nei ass nuren, dass zum engen elo den Undeel un der TVA eenheetlech op 0,3% festgesat gëtt, an domat déi al Forschett, déi vun 0,2 bis 0,5% gaangen ass, ofgeschaf gëtt, an dass zum aneren e weidere Schrëtt a Richtung Reduktioun vun deem ominéisen englesche Rabatt gemaach gëtt.

Säit 1984, wéi d'Margaret Thatcher hiren europäesche Kolleegen, an dem deemolege Kommissionspresident Gaston Thorn, esou laang op d'Nerve gaang ass, bis si England eppes ausgedoen haten, huet sech näischt un deem Zoustand geännert. Vun elo un awer gi verschidde Posten net méi bei der Berechnung vun der Reduktioun berücksichtegt. Domat ass dann d'Enn vum Sonnertraitement fir England ageleet, dat dann, wéi ofgemaach, um Enn vun dëser Period, also am Joer 2013, definitiv ausleeft. Bis dohinner bleiwen d'Modalitéite fir den englesche Rabatt onverännert, a véier EU-Memberen, Däitschland, Holland, Éisträich a Schweden, komme mat hire Bäiträg fir dat englescht Lach op, ginn awer dann, op där anerer Säit, doduerch entschiedegt, dass si reduzéiert Tauxë bei der TVA hunn.

Wéi wirkt sech dann elo dat Ganzt fir eis aus, fir Lëtzebuerg? Ofgesi vun de sougenannten traditionelle Ressourcen, also den Importtaxen, vun deenen dräi Véirels op Bréissel iwwerwise ginn, steiert Lëtzebuerg an deene siwe Joer ronn zwou Milliarden Euro fir Europa bäi. Dat sinn an der Moyenne 287 Milliounen pro Joer a 604 Euro pro Kapp, déi Europa eis Lëtzebuerger kascht. Elo ernénnt esou manche sech heibannen nach un dat jorelaangt Gestreits doriwwer, ob Lëtzebuerg dann elo e sougenannten „Nettocontributeur“ fir Europa wier, oder ob mir méi aus Europa géifen erauszéien, wéi mer abezuelen.

Et ass eng interessant Fro, jee nodeem ob ee méi oder manner frou mat Europa ass, well sech aus der Äntwert op déi Fro eventuell politesch Kapital schloe léisst. Déi Äntwert fält allerdéngs ënnerschiddlech aus, jee nodeem ob a wéi een d'Retombéeë vun der Präsenz vun enger Rei vun EU-Institutiounen a Fonctionnairen hei zu Lëtzebuerg an d'Rechnung stellt. Offiziell heescht et op alle Fall, dass mer e bësse manner aus der europäescher Keess erauskréien, wéi mer abezuelen, an dass mer zum Beispill d'viregt Joer exakt 0,11% vun eisem Bruttoakomes fir Europa hu missen afferen. Dat ass nun awer wierklech d'Geld net all, géif ech soen, a wuel iwwerhaupt net der Ried wäert, wann ee bedenkt, wat op där anerer Säit dëst Land deem Europa dach awer ze verdanken huet.

Duerfir ass d'Finanz- a Budgetskommissioun der Meenung, dass un deem Ëmsetzungsgesetz nu wierklech näischt aussetzen ass, a recommandéiert dann och der Chamber et ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Thiel. D'Wuert huet nach gefrot den honorabelen Här Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» M. Charles Goerens (DP).- Här President, ech maachen et extrem kuerz. Ech wollt dem Rapporteur bäiflichten - vläicht anescht formuléiere wéi hien - a soen, et geet net duer, dass een eng reng arithmetesch Approche huet zur Evaluatioun vun de Solden, déi an d'Europäesch Unioun, entweder positiv oder negativ, abezuelt ginn.

Vu dass d'Chamber jo prësséiert ass, fir un d'Enn vun hiren Aarbechten ze kommen, wollt ech just därselwechter recommandéieren, si soll eng Etüd liese vum „Le Cacheux“, deen do awer vill méi eng breet Analys mécht vum Phänomeen, an e gesäit, dass d'Länner alleguer - ob se Nettobeitragszueler sinn oder ob se Nettoempfänger sinn - an der renger arithmetescher Approche Gewënner sinn.

Wann ee gesäit, mat wat fir engem klenge Geescht eenzel Memberstaten un d'Analys vun där doter Diskussioun erugaange sinn, da kann een nëmmen hoffen, dass se elo méi Maturitéit un den Dag leeën, fir en eventuelen europäeschen „Plan de relance“ fir d'Ekonomie zustanen ze kréien.

» M. le Président.- Merci, Här Goerens. Wëllt nach een d'Wuert hunn? Dat ass net de Fall. Da komme mer zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5815 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Laurent Mosar), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri (par M. John Castegnaro), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir sinn domat um Enn vun eisen Aarbechte fir haut ukomm. Fir déi nächst Sitzung kritt Der eng schrëftlech Convocatioun.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.11 heures)